NEWSLETTER LSAP BEETEBUERG

FEBRUAR 2018

LSAP D'SOZIALISTEN

D'Schäfferotserklärung 2017-2023

D'Opreegung vun de Wahlen am Oktober d'lescht Joer ass eriwwer, eng nei Mandatsperiod vun eisem Gemengerot huet ugefaangen... an d'Joer 2018 och!

D'LSAP Beetebuerg seet Iech nach eng Kéier villmools Merci fir Äert Vertrauen a wënscht Iech alles Guddes am neie Joer.

Déi nei Schäfferotserklärung gouf am Gemengerot vum 1. Dezember 2017 presentéiert.

Mir stellen Iech d'Haapt-punkte vun eiser Positioun vir. Déi komplett Analyse fannt dir op eiser Internetsäit

http://www.lsap-bettembourg.eu/

Et gëtt een d'Gefill net lass, datt just eng opgewiermte Politik gemaach gëtt. Och déi grouss Investissementsprojete ware scho laang bekannt a stellen dofir keng Neiegkeet duer.

Et bleift just nach ze hoffen, datt d'Erneierung vum Quartier „Em de Bechel" net eréischt am Joer 2023 virun den nächste Gemengewahlen ageweit gëtt.

Donieft huet de Schäfferot och eng Partie Beräicher identifizéiert, wou en éischter eng passiv Roll wäert iwwerhuelen anstatt richteg Léisunge virzeschloen.

D'LSAP, am Géigendeel, hat virgeschloen, datt de „Parking résidentiel" sollt erweidert ginn, an hat sech och fir de Bau vun engem Parking op der Gare fir d'Awunner vun der Gemeng agesat.

ÉISCHTER EN NORMALE VERWALTUNGS-PROGRAMM OUNI POLITESCH AKZENTER AN OUNI PROGRESSISTESCH MESUREN

WAT OPFÄLLT

- Den aktuelle Schäfferot ernimmt net manner wéi 29 Mesuren, déi solle **bäibehalen** oder **weidergefouert** ginn…
- De Schäfferot wëll d'**Liewensqualitéit** nëmmen erhalen aplaz se ze erhéijen, d'**Bausubside** bäibehalen anstatt se ze verbesseren, déi **sozial Hëllef** erhalen an net revaloriséieren, d'**Schülerprämien** net adaptéieren, d'Zesummenaarbecht mat de **jumeléierte Gemengen** net verstäerken, oder d'**Entwécklungshëllef** net erweideren…
- Eng Erweiderung vum **Bauperimeter** ass ausgeschloss...

D'Schäfferotserklärung enthält och eng Rei Absichtserklärungen, dat heescht Projeten, déi just studéiert ginn a wahrscheinlech guer net wäerte realiséiert ginn.

Eng nei Schoul an der Peripherie vun der Uertschaft, isoléiert vum Duerfliewen, wäert mat sech bréngen datt méi Autosverkéier am Quartier „Em de Bechel" entsteet.

Et ass och ze bedaueren datt keen zousätzlechen Zentimeter "sécher" Vëlospisten ageplangt gouf, fir de ganzen Entwécklungspotenzial vun der Mobilité douce ze erméiglechen.

D'Koalitioun limitéiert sech op dat absolut Noutwendegt a wäert näischt upake wat eventuell kéint kritiséiert ginn.

D'LSAP WÄERT SECH AWER WEIDERHIN ASETZE FIR DATT EIS GEMENG DÉI NÄCHST 6 JOER NET STOE BLEIFT

Am Sënn vun enger konstruktiver Oppositiounspolitik invitéiert d'LSAP-Fraktioun de Schäfferot, fir an Zukunft d'Oppositioun schonn am Ufank vum Ausschaffe vu gréissere Projeten ze implizéieren.

Roby Biwer, Patrick Hutmacher, Marco Estanqueiro, Sylvie Jansa, Guy Frantzen, Claude Fournel

AGENDA :

Mëttwochs, de 14. Mäerz 2018 um 19h30

Assemblée Générale

am Schlass zu Beetebuerg

lsapbeetebuerg@gmail.com

LsapBeetebuerg/

http://www.lsap-bettembourg.eu